CSV FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
25 AOUT 2017
3243

**Här Mars Di Bartolomeo**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 25. August 2017

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, géif ech Iech bieden folgend parlamentaresch Fro un den Här Kommunikatiouns- a Medieminister weiderzeleeden.

An engem Artikel vum „Lëtzebuerger Land" vum 11. 8 war ze liesen, dass de Lëtzebuerger Filmfong an 8 Sëtzungen 105 Demanden fir finanziell Ënnerstëtzung zréckbehalen huet.

Tëscht Januar 2016 an August 2017 goufen esou ronn 51 Milliounen Euro an Filmproduktiounen investéiert. Dëst stellt vergläichsweis bal d'Halschent vum Budget vum Kulturministère fir d'Joer 2016 duer.

An deem Kontext géif ech dem Här Minister folgend Froe stellen:

- Kann de Minister mir soen a wéi eng Produktiounen déi 51 Milliounen Euro gefloss sinn, respektiv fir wéi eng Ausgaben dës Suen am Detail vun de Produktiounsfirmaen gebraucht goufen?
- Kann de Minister eis eng Opstellung ginn, wéi héich déi finanziell Ënnerstëtzung pro Produktioun ausgefall ass, an och a wéi engem Verhältnis dës Ënnerstëtzung zu den exposéierte Käschten vun der jeeweileger Produktioun stoungen?
- Kritt de Minister de Boxoffice mat den Spectateurszuelen vun de respektive Produktiounen matgedeelt ? Wann net, mengt de Minister net awer dass et wichteg wier der Chamber dës Zuelen matzedeelen?
- Kann de Minister eis prezis soen, wifill Leit den Ament an der Lëtzebuerger Filmindustrie schaffen?
- Ass de Minister bereet iwwert d'Ofschafe vum Punktesystem nozedenken, wéi vun de Produzenten gefrot, ee Punktesystem deen d'Zréckgräifen op Lëtzebuerger Professioneller, den Tournage zu Lëtzebuerg etc. virschreift? Huet de Minister wëlles d'Gesetz iwwer de Filmfong ofzeänneren? Wa jo, wou huet de Minister wëlles ze änneren?

Mat déifstem Respekt,

Félix Eischen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications et des Médias

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
25 SEP. 2017

Monsieur
Fernand ETGEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Luxembourg, le 25 SEP. 2017

Objet : **Réponse de Monsieur Xavier BETTEL, Ministre des Communications et des Médias, à la question parlementaire n°3243 du 25 août 2017 de Monsieur le Député Félix EISCHEN au sujet « Fonds national de soutien à la production audiovisuelle ».**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Monsieur Xavier BETTEL, Ministre des Communications et des Médias à la question parlementaire n° 3243 du 25 août 2017 de Monsieur le Députée Félix EISCHEN.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Ministre des Communications
et des Médias

Xavier Bettel

Bureaux
Maison de Cassal

5, rue Large
L-1917 Luxembourg

Tél.: (+352) 247-82167/63
Fax: (+352) 47 56 62

e-mail:
info@mediacom.public.lu

**Réponse de Monsieur le Ministre des Communications et des Médias à la question parlementaire numéro 3243 du 25 août 2017 de Monsieur le Député Félix Eischen**

De Budget vum Filmfong beleeft sech fir d'Joren 2016 an 2017 zesummen op 66.667.000 €. Dës Suen si geduecht, ewéi d'Gesetz et virgesäit, fir d'Entwécklung vum Lëtzebuerger audiovisuelle Secteur ze fërderen, an dat iwwert de Wee vun der Kreatioun vun audiovisuelle Wierker.

De Gros vun dëse Moyenen ginn an d'Aides financières sélectives (Afs) investéiert, op déi den honorabelen Deputéierten sech an senger Question parlementaire berifft.

De Lëtzebuerger Filmfong kommunikéiert iwwert de Wee vun der Presse all Decisiounen déi 5 Mol d'Joer vum Comité de sélection geholl ginn. Och publizéiert de Filmfong d'Chifferen betreffend d'Aiden déi en ausstellt op sengem Internetsite, www.filmfund.lu. En plus fënnt een am Rapport annuel vum Medieministère a vum Kulturministère déi wichtegst Chiffere wat d'Aktivitéite vum Filmfong ugeet.

Doriwwer eraus publizéiert de Lëtzebuerger Filmfong all Joers en detailléierte Rapport annuel mat alle Chifferen an Detailer. D'ailleurs gëtt de Rapport 2016 den Dënschden, de 26ten September 2017 der Presse virgestallt.

Mee selbstverständlech iwwermëttelen ech dem honorabelen Deputéierten en Annexe déi detailléiert Lëscht vun de Projeten, déi 2016 an 2017 bis elo iwwert de Wee vun Aides financières sélectives (AFS) ënnerstëtzt gi sinn, mat der Opstellung vun der Aide, déi pro Projet accordéiert gouf.

D'Aide financière sélective ass un de Filmprojet gebonnen, a ka just e Pourcentage vum Gesamtbudget vun enger Produktioun ausmaachen, (dat ka bei minoritäre Filmer ni méi ewéi 30% vum ganze Budget ausmaachen, a bei Filmer mat Lëtzebuerger Réalisateur ni iwwer 90% vum Gesamtbudget goen). Et ass dofir net wierklech méiglech, eenzel opzelëschten, wéi eng Sue fir wéi eng Depense benotzt ginn.

Et ass awer kloer, datt d'Aiden vum Fong nëmme verwennt kënne gi fir Depensen, déi och en direkte Retour économique, culturel oder social fir de Grand-Duché opweise kënnen, esou wéi dat am Gesetz virgesinn ass.

Wat elo de Box Office ugeet, esou kann ech bestätegen, datt den CNA responsabel ass fir déi alljäerlech Opstellung vun deene Chifferen. Den CNA publizéiert dës Chifferen all Joer. Detailer iwwert déi verkaafte Billjeeën vun de Lëtzebuerger Filmer aus de Joren 2015 an 2016 fannt Der och en Annexe.

D'Unzuel vun de Léit variéiert natierlech mat den Aktivitéiten am Secteur. No Analyse vum Filmfong kann ee soen, datt am erweiderten audiovisuelle Produktiounsberäich tëschent 900 an 1000 Leit hiert deeglecht Brout an dësem kreativen Ëmfeld verdéngen.

Wat elo de sougenannte Punktesystem ugeet, deen den honorabelen Deputéierten uschwätzt, do muss een ënnersträichen, datt et sech hei em en interne Mechanismus vun der

Administratioun handelt, deen et erlaabt, de retour économique, culturel et social vun all Aide déi accordéiert gëtt, z'evaluéieren.

Mir kréien elo vum Secteur gesot, dat eist Gesetz an dëse Punktesystem vill manner kompetitiv gi sinn, well d'Aiden an eisen Nopeschlänner drastesch an d'Luucht gesat goufen an deene leschte Méint.

Doropshin hunn ech de Secteur gefrot, mer Proposen ze maachen, wat een am Gesetz kéint änneren, fir datt eisen audiovisuelle Secteur, deen eng ganz grouss international Unerkennung genéisst, sech weider positiv entwéckele kann.

En Aarbechtsgrupp tëschent Vertrieder vun deenen eenzele professionellen Associatiounen wäert sech mam Filmfong zesummesëtzen a gemeinsam Propositiounen ausschaffen, déi et erlabe sollen eisen audiovisuellen Secteur weiderhi kompetitiv ze halen.

A selbstverständlech wäert ech bereet sinn - le cas échéant - dat Gesetz iwwert de Filmfong ofzeänneren, wann dat de gemeinsame Wëlle vum Secteur ass, fir datt eis Aarbechtsplaze stabil bleiwen an eis kreativ an technesch Kompetenzen ausgebaut kënne ginn, a fir datt eis Filmproduktiounsgesellschafte sech perenniséieren kënnen a weiderhin héichwäerteg Wierker schafe kënnen.

| Nom du projet | Société de production requérante | Type AFS (Aide Financière Selective) | Genre | Aide accordée | Budget global | Pays coproducteurs |
|---|---|---|---|---|---|---|
| #wearefamilies | Tarantula Luxembourg S.À R.L. | Ecriture & Développement | TRANSMEDIA | 30 000 € | 85 680 € | LU |
| 18 | Iris Productions S.A. | Ecriture & Développement et Production | SERIE | 2 000 000 € | 7 970 653 € | LU-DE-FR |
| 1867 | Equinox Productions | Ecriture | LM/SPECIAL | 30 000 € | 30 600 € | LU |
| 68 | Paul Thiltges Distributions S.À R.L. | Production | DOC/LM | 240 000 € | 267 375 € | LU |
| A Greyhound Of A Girl | Paul Thiltges Distributions S.À R.L. | Ecriture & Développement | ANIM/LM | 90 000 € | 169 087 € | LU-GB |
| And Then You | Amour Fou Luxembourg | Production | CM | 118 000 € | 129 800 € | KU |
| Angelo | Amour Fou Luxembourg | Production | LM | 1 800 000 € | 5 292 582 € | LU-AT |
| Apple Pie Lullaby | Paul Thiltges Distributions S.À R.L. | Ecriture & Développement et Production | ANIM/LM | 981 712 € | 2 744 141 € | LU-LV |
| Arene | Juliette Films | Production | CM | 120 000 € | 158 360 € | LU |
| Ashcan | Nowhere Land Productions | Production | DOC/LM | 420 000 € | 1 063 630 € | LU-BE |
| Bad Banks 2 | Iris Productions S.A. | Ecriture & Développement | SERIE | 60 000 € | 263 787 € | LU-DE |
| Banovic Strahinja | Les Films Fauves | CinéWorld | LM | 200 000 € | 1 012 316 € | LU-RS-BG-FR |
| Bayala | Fabrique D'Images S.A. | Ecriture & Développement et Production | ANIM/LM | 2 180 000 € | 8 602 069 € | LU-DE |
| Bille & Zottel | Paul Thiltges Distributions S.À R.L. | Ecriture & Développement | LM | 30 000 € | 121 000 € | LU-DE |
| Bloody Mary | Deal Productions S.A. | Ecriture | LM | 30 000 € | 61 050 € | LU-GB |
| Cachalots | Calach Films | Production | DOC/LM | 275 000 € | 966 703 € | LU-FR-FR |
| California City | Samsa Film S.À.R.L. | Ecriture et Production | DOC/LM | 380 000 € | 461 915 € | LU |
| Cape Verdean Blues | Red Lion S.À R.L. | Ecriture & Développement | DOC/LM | 30 000 € | 63 909 € | LU-GB |
| Colectiv | Samsa Film S.À.R.L. | Production | DOC/LM | 200 000 € | 690 084 € | LU-RO-FR |
| Complètement Cramé ! | Bidibul Productions | Développement | LM | 30 000 € | 484 106 € | LU-FR |
| Cow-boy | Antevita Films | Production | CM | 120 000 € | 141 120 € | LU |
| Crake Wacky Island | Zeilt Productions s.à.r.l. | Ecriture & Développement | ANIM/SERIE | 45 000 € | 136 681 € | LU-CA |
| Credo | Iris Productions S.A. | Production | SERIE | 1 800 000 € | 7 740 000 € | LU-DE |
| De Besch | Samsa Film S.À.R.L. | Ecriture | SERIE | 50 000 € | 60 000 € | LU |
| De Mob | Samsa Film S.À.R.L. | Ecriture | LM | 18 000 € | 20 000 € | LU |
| Dead Noon | Samsa Film S.À.R.L. | Production | LM | 2 950 000 € | 6 450 000 € | LU-DE-CA |
| Denis Reichle : Emprises de Guerre | Red Lion S.À R.L. | Développement | DOC | 15 000 € | 119 285 € | LU-FR |
| Demain Je Traverse | Tarantula Luxembourg S.À R.L. | CinéWorld | LM | 200 000 € | 1 225 029 € | LU-FR-GR-BE-NL |
| Die Liebenden | Red Lion S.À R.L. | Développement | LM | 30 000 € | 80 619 € | LU-AT |
| Die Liebhaberinnen | Amour Fou Luxembourg | Ecriture | LM | 52 900 € | 87 200 € | LU |
| Die Unsichtbaren | Amour Fou Luxembourg | Production | LM | 1 359 460 € | 4 198 200 € | LU-DE |
| Dreamland | Calach Films | Production | LM | 1 400 000 € | 4 005 170 € | LU-CA-BE |
| Drôles De Petites Bêtes | Doghouse Films | Production | ANIM/SERIE | 1 800 000 € | 7 059 000 € | LU-FR |
| Euro Motor | Les Films Fauves | Ecriture | LM | 30 000 € | 54 193 € | LU |
| Fan Club | A-Bahn | Ecriture & Développement et Production | LM/TRANSMEDIA | 850 000 € | 1 260 342 € | LU-FR |
| Fashion Geek | Tarantula Luxembourg S.À R.L. | Production | DOC/SERIE | 150 000 € | 330 000 € | LU-LU |
| Flatland | Deal Productions S.A. | CinéWorld | LM | 150 000 € | 738 103 € | LU-ZA-DE |
| For A Happy Life | Tarantula Luxembourg S.À R.L. | Production | LM | 1 020 000 € | 2 770 001 € | LU-BE-CH |
| Fox & Hare | Doghouse Films | Production | ANIM/SERIE | 885 230 € | 4 276 475 € | LU-NL-BE |
| Fritzi - Eine Wendewundergeschichte | Doghouse Films | Production | ANIM/LM | 842 056 € | 5 613 704 € | LU-DE-DE-BE-CZ |
| Glow | Radar S.À R.L. | Production | ANIM/CM | 121 765 € | 170 155 € | LU |
| Gutland | Les Films Fauves | Production | LM | 1 993 488 € | 2 978 292 € | LU-BE-DE |

| Nom du projet | Société de production requérante | Type AFS (Aide Financière Selective) | Genre | Aide accordée | Budget global | Pays coproducteurs |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Hinterland | Amour Fou Luxembourg | Ecriture & Développement | LM | 53 270 € | 112 000 € | LU-AT |
| Histoires De Femmes | Samsa Film S.À.R.L. | Production | DOC | 242 321 € | 307 035 € | LU |
| Houdini | Doghouse Films | Ecriture & Développement | ANIM/LM | 30 000 € | 91 897 € | LU-FR |
| Human Resources | A-Bahn | Ecriture | LM | 15 000 € | 67 000 € | FR |
| Inside Out | A-Bahn | Ecriture & Développement | TRANSMEDIA | 60 000 € | 67 000 € | FR |
| Jean et Jeanne | Amour Fou Luxembourg | Développement | LM | 30 000 € | 134 500 € | LU-DE |
| Juliette | Iris Productions S.A. | Ecriture & Développement | LM | 30 000 € | 132 898 € | LU-BE |
| Jumbo | Les Films Fauves | Production | LM | 910 464 € | 2 701 547 € | LU-FR-BE |
| Justice Dot Net | Iris Productions S.A. | Développement et Production | LM | 2 820 000 € | 4 357 524 € | LU-CA |
| Keep it Country | Red Lion S.À R.L. | Développement | LM | 30 000 € | 74 546 € | LU-IE |
| Kensuke's Kingdom | Melusine Productions S.A. | Ecriture & Développement | ANIM/LM | 30 000 € | 117 227 € | LU-GB |
| Kid Paddle | Bidibul Productions | Ecriture & Développement | LM | 60 000 € | 455 737 € | LU-FR-FR |
| Kommunioun | Les Films Fauves | Ecriture | LM | 50 000 € | 108 982 € | LU |
| Kosmik Journey | A-Bahn | Ecriture & Développement | TRANSMEDIA | 60 000 € | 111 000 € | FR-FR |
| Läif a Séil | Samsa Film S.À.R.L. | Ecriture | LM | 60 000 € | 77 600 € | LU |
| L'Ascension | Red Lion S.À R.L. | Ecriture | LM | 30 000 € | 63 590 € | LU |
| Le Bestiaire des Sorcières | Melusine Productions S.A. | Production | DOC | 201 664 € | 960 308 € | LU-FR |
| Le Fond du Bocal Saison 1 | Zeilt Productions s.à.r.l. | Ecriture & Développement | ANIM/SERIE | 75 000 € | 99 148 € | LU-FR |
| Le Frère du Père Noël | Fabrique D'Images S.A. | Ecriture & Développement | ANIM/LM | 75 000 € | 523 181 € | LU |
| Le Méridien De L'Aube | Skilllab | Ecriture | LM | 30 000 € | 62 400 € | LU |
| Le Petit Nicolas, Parfum D'Enfance | Bidibul Productions | Ecriture | ANIM/LM | 30 000 € | 371 883 € | LU-FR-FR |
| Le Refuge | Syneco S.À R.L.U. | Ecriture | LM | 30 000 € | 31 000 € | LU |
| L'Enfant Caché | Iris Productions S.A. | Développement | LM | 60 000 € | 132 880 € | LU |
| Les Hirondelles De Kaboul | Melusine Productions S.A. | Production | ANIM/LM | 1 713 649 € | 5 669 096 € | LU-FR-CH |
| Lizardqueen | Amour Fou Luxembourg | Ecriture | LM | 49 780 € | 52 400 € | LU |
| Lorelei | Iris Productions S.A. | Ecriture & Développement | MM | 30 000 € | 276 974 € | LU-FR |
| Luxembourg : Année Zéro | Skilllab | Ecriture & Développement | LM | 120 000 € | 188 466 € | LU |
| Make It Better | Samsa Film S.À.R.L. | Production | LM | 572 933 € | 1 995 497 € | LU-BE |
| Marionette | Samsa Film S.À.R.L. | Production | LM | 1 482 000 € | 5 200 000 € | LU-NL-GB |
| Maus Ketti | Radar S.À R.L. | Ecriture & Développement | ANIM/SERIE | 150 000 € | 150 250 € | LU |
| Millie | Fabrique D'Images S.A. | Ecriture & Développement et Production | ANIM/LM | 1 800 000 € | 4 632 660 € | LU-DE |
| Molesworth | Melusine Productions S.A. | Ecriture & Développement | ANIM/LM | 30 000 € | 97 834 € | LU-GB |
| Murer | Paul Thiltges Distributions S.À R.L. | Production | LM | 840 000 € | 2 811 467 € | LU-AT |
| My Fairy Troublemaker And Me | Fabrique D'Images S.A. | Ecriture | ANIM/LM | 30 000 € | 97 280 € | LU-DE |
| My Grandpa Is An Alien | Wady Films | CinéWorld | LM | 192 500 € | 1 246 879 € | LU-HR-BH-CZ-SI |
| Nächst Statioun Staffel 1 | Zeilt Productions s.à.r.l. | Ecriture & Développement | ANIM/SERIE | 90 000 € | 2 500 521 € | LU-FR |
| Never Grow Old | Iris Productions S.A. | Production | LM | 1 635 000 € | 5 465 000 € | LU-GB-BE-FR |
| Next | Samsa Film S.À.R.L. | Production | CM | 208 000 € | 249 681 € | LU |
| Ooops! 2 | Fabrique D'Images S.A. | Ecriture et Production | ANIM/LM | 2 180 000 € | 7 778 587 € | LU-DE-IE |
| Pachamama | Doghouse Films | Production | ANIM/LM | 1 129 530 € | 6 599 554 € | LU-FR |
| Petit Ours Brun | Fabrique d'Images S.A. | Production | ANIM/SERIE | 1 331 941 € | 4 658 193 € | LU-FR |
| Portraitistes | Syneco S.À R.L.U. | Production | CM | 150 000 € | 170 000 € | LU |

| Nom du projet | Société de production requérante | Type AFS (Aide Financière Selective) | Genre | Aide accordée | Budget global | Pays coproducteurs |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Pretenders | Juliette Films | Ecriture | LM | 30 000 € | 108 000 € | LU-FR |
| Providence | Samsa Film S.À.R.L. | Ecriture & Développement | LM | 120 000 € | 177 576 € | LU |
| Sawah | Wady Films et Deal Productions S.A. | Développement et Production | LM | 2 695 527 € | 3 905 093 € | LU-BE |
| Se Suicider Tue | Deal Productions S.A. | Développement | LM | 10 000 € | 121 050 € | LU |
| Sibel | Bidibul Productions | CinéWorld | DOC | 200 000 € | 1 209 400 € | LU-FR-TR-DE |
| Skin Walker | Calach Films | Ecriture & Développement et Production | LM | 712 000 € | 2 125 436 € | LU-LV-PL |
| Son of a very important Man | Paul Thiltges Distributions S.À R.L. | CinéWorld | LM | 198 000 € | 1 040 767 € | LU-SE-IS-NO-99 |
| Superjhemp & Fils | Samsa Film S.À.R.L. | Production | LM | 2 564 998 € | 3 535 780 € | LU |
| Tel Aviv On Fire | Samsa Film S.À.R.L. | Production | LM | 908 000 € | 2 694 655 € | LU-IL-FR |
| The Beast in the Jungle | Amour Fou Luxembourg | Production | LM | 752 440 € | 1 841 470 € | LU-NL |
| The Family Who Hid In The Cellar | Red Lion S.À R.L. | Production | CM | 120 000 € | 128 510 € | LU |
| The Kid | Bidibul Productions | Ecriture | ANIM/LM | 60 000 € | 362 044 € | LU-FR-US |
| The Ranger | Samsa Film S.À.R.L. | Production | LM | 1 700 000 € | 8 899 300 € | LU-IE |
| Traces | Calach Films | Production | CM | 148 000 € | 164 595 € | LU |
| Tremblements | Iris Productions S.A. | CinéWorld | LM | 200 000 € | 1 193 414 € | LU-FR-FR-GT |
| Troisièmes Noces | Bidibul Productions | Production | LM | 1 201 969 € | 690 084 € | LU-RO-FR |
| Voyagers Of The Enchanted Forest | Melusine Productions S.A. | Ecriture & Développement | ANIM/LM | 15 000 € | 140 000 € | LU-BR |
| Wolfwalkers | Melusine Productions S.A. | Production | ANIM/LM | 1 497 515 € | 9 991 947 € | LU-IE-FR |
| Zero Impunity | A-Bahn | Production | TRANSMEDIA | 1 075 000 € | 1 422 935 € | FR-FR |

Annexe 2



| 2015 Top 10 | Titre du film | Tickets vendus |
|---|---|---|
| 1 | **Eng Nei Zäit** | 14 932 |
| 2 | **The Little Prince (Le petit prince)** | 9 162 |
| 3 | **Le Tout nouveau testament** | 7 982 |
| 4 | **Ooops! De Noah ass fort** | 6 350 |
| 5 | **Baby(a)lone** | 4 318 |
| 6 | **L'Enquête** | 2 931 |
| 7 | **Mammejong** | 2 897 |
| 8 | **Faustino One-Man-Show** | 1 955 |
| 9 | **Mos Stellarium** | 1 324 |
| 10 | **Secrets of War** | 1 282 |

Annexe 2



| 2016 | Titre du film | Tickets vendus |
|---|---|---|
| Top 10 | | |
| 1 | Eldorado | 4374 |
| 2 | Colonia Dignidad | 4188 |
| 3 | Foreign Affairs | 2642 |
| 4 | Kropemann (sans soutien Film Fund Lux) | 2165 |
| 5 | Mullewapp - Eine schöne Schweinerei | 1528 |
| 6 | Egon Schiele | 1232 |
| 7 | Dunkle Seite des Mondes | 1147 |
| 8 | Streik (sans soutien Film Fund Lux) | 799 |
| 9 | Sunset Song | 750 |
| 10 | Le tout nouveau testament | 716 |